adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
05 MARS 2014
136

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. Mäerz 2014

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister weiderzeleeden.

An Däitschland fuerdere vill Politiker aus alle Borden e vill méi strengt Gesetz zur Bekämpfung vun der Kannerpornographie. Dëst oss virun allem op d'Affär Edathy zeréckzeféieren. Ee vun den Aspekter, déi vun de Medien opgegraff goufen, ass nämlech deen, datt um Internet Biller gehandelt ginn, déi net nécessairement illegal sinn, an déi awer all normal empfannende Mënsch muss als pedopornographesch bezeechnen.

Den Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand mécht an hirem Rapport 2013 ebe grad op déi Problematik opmierksam: „On peut cependant regretter que la définition de représentation pornographique du code pénal, fasse que des sites montrant des enfants habillés, mais dans des contextes (...) et des poses sexualisées (...) sont hébergés impunément au Luxembourg." (Säit 58). Esou Biller géifen also och iwwert Websäite verkaf oder gewise ginn, déi hei am Land hebergéiert sinn.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1. *Kann den Här Minister déi Informatioune confirméieren?*
2. *Wéi vill esou Websäite gëtt et hei am Land?*
3. *Wat gedenkt d'Regierung ze maachen, fir deem skandaléisen Dreiwen en Enn ze setzen?*

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding

Deputéierten